Behënnert Guiden a Scouten

Positioun vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten vis-à-vis vu behënnerte Kanner a Jugendlechen

"Die Pfadfinderei hilft den Behinderten durch ihre Mitgliedschaft in einer weltweiten Bruderschaft, durch die Möglichkeit einer sinnvollen Betätigung und einem Ziel vor Augen, durch die Möglichkeit der Selbstbestätigung und der Bestätigung vor anderen, daß sie vieles - auch schwierige Dinge - selbst tun können." (Baden-Powell: Aids to Scouting)

"Jongen a Medercher kënnen an de Verband opgeholl gin, ouni Ënnerscheed vu Rass, Relioun.,Sprooch, Nationalitéit, vun hire kierperlechen an/oder geeschtege Fähegketen, vun hirem soziale Milieu." (Statuten LGS, Art. 2.2)

1. Schon de B.P. war dervun iwwerzeegt, datt de Scoutissem/Guidissem och fir behënnert Kanner a Jugendlecher do as. Wa Behënnerter an Nëtbehënnerter zesumme liewen a schaffen, dréit dat bei denen enge wéi bei denen aneren zu enger positiver Entwécklung vun der Perséinlechkeet bäi.

2. All Unitéit kann an d'Situatioun kommen, datt een oder méi Behënnerter wëlle bei hiren Aktivitéite matmaachen. An deem Fall mussen d'Mêmberen sech iwwerleën, ob a wéi déi Behënnert an hirem Programm kënne matmaachen.

3. Et gin am Verband och spezialiséiert Gruppen, déi mat Behënnerte schaffen.

4. De Verband ënnerstëtzt déi Unitéiten, déi Behënnerter ophuelen. Si kënnen Hëllef beim Aarbechtsgrupp Gamma froen.

5. Och an der Öffentlechkeet setzen d'LGS sech fir d'Intresse vu behënnerte Kanner a Jugendlechen an.

(Resolutioun vum Verbandskongress 19.09.98)

"Kontakt-Schlëssel" – en Dossier fir jiddereen

Fir de Gruppen ze hëllefen, mat behënnerte Kanner a Jugendlechen Kontakt opzehuelen an zesummenzeschaffen huet de Verband e speziellen Dossier erausgin: "Kontakt-Schlëssel".

Dësen Dossier riicht sech un all Chef/tainen, besonnesch awer un déi, déi bis elo nach keen direkte Kontakt mat behënnerte Kanner oder Jugendlechen haten. E kann äis hëllefen, eis Onsécherheet vis-à-vis vu Behënnerten ze iwwerwannen. Mir liesen do, watfir Erfarungen aner Chef/tainë mat Behënnerten gemaach hun. Mir fannen am Dossier och eng Parti Spiller, déi eise Biber, Wëllefcher, AvEx, CaraPio a RaRo méi sensibel maachen fir d'Situatioun vu behënnerte Mënschen. Dat 4. Kapitel vum Dossier begleet äis Schrëtt fir Schrëtt um Wee vum éischte Kontakt iwwer eis Diskussiounen, eis Entschedung bis zum

prakteschen Ëmgank mat engem behënnerte Mêmber an eiser Unitéit. Um Enn bréngt den Dossier eng Auswiel Texter, Lidder, Videofilmer a Bicher, déi mir an eise Versammlungen oder an enger besënnlecher Veillée benotze kënnen.

De “Kontakt-Schlëssel” gët fir 1,25 € am Shop an am Sekretariat vum Verband verkaaft.